Administration communale
de Reckange-sur-Mess

Édition spéciale

:: www.reckange.lu

Reckange-sur-Mess

# Présentation du Budget 2024

RECKENG OP DER MESS :: PIISSENG :: LAMPECH :: EILENG :: RIEDGEN :: WICKRENG



# Impressum

**Editeur responsable:**
Administration Communale de Reckange-sur-Mess
ISSN 2418-442X

**Mise en page:**
Julien Primout

**Photos:**
Magali Jacob, Julien Primout

**Textes:**
Magali Jacob, Julien Primout, Savas Koroglanoglou

**Impression:**
Imprimerie Ossa
46, rue Gabriel Lippmann
Parc d'activités Syrdall
L-6947 Niederanven

Imprimé en 1.250 exemplaires sur du papier Circle offset recyclé

**Heures d'ouverture de l'administration communale**

Lundi à mercredi et vendredi:
8.30 à 11.30 et 14.00 à 16.30
Jeudi: 8.30 à 11.30 et 14.00 à 18.00
(Les jeudis sur rendez-vous de 7.00 à 8.30 et de 18.00 à 19.00, à fixer au plus tard 48 h à l'avance)

**Gemeng Reckeng op der Mess**
83, rue Jean-Pierre Hilger
4980 Reckange-sur-Mess
Téléphone: 37 00 24 - 1
Fax: 37 00 24 - 44
E-Mail: commune@reckange.lu

# AVIS AU PUBLIC

## À PARTIR DU 01.01.2024
## SUPPRESSION DU SERVICE SMS2CITIZEN

Chers utilisateurs du service sms2citizen, l'administration communale de Reckange-sur-Mess vous annonce **la mise hors service du système d'informations sms2citizen à partir du 1er janvier 2024**. En effet, depuis la mise en route de l'application «CityApp Reckange», nous pouvons envoyer à nos habitants des messages beaucoup plus complets, interactifs et en quantités illimitées. Dans un soucis d'amélioration de nos canaux de communication, les messages «Push» offrent une plus grande flexibilité et nous permettent de vous rediriger immédiatement vers les informations essentielles.

## LA CITYAPP (PUSH)* REMPLACE SMS2CITIZEN

NOUS VOUS INVITONS À TÉLÉCHARGER
NOTRE CITYAPP EN SCANNANT CES CODES QR:

* Pour la prise en main de la CityApp, vous devez posséder un smartphone et, une fois l'application téléchargée, activer les notifications de l'application dans les paramètres du téléphone. Si vous ne possédez pas de smartphone ou si vous nécessitez de l'aide dans le cadre de la prise en main, n'hésitez pas à nous contacter: 37 00 24 - 26 ou webmaster@reckange.lu

# Index


| Betrëfft / *Concerne* | | |
|---|---|---|
| | **4-5** | Virwuert vum Här Buergermeeschter / *Préface de Monsieur le bourgmestre* |
| | **6** | Aleedung & ordinäre Budget 2023 / *Introduction et budget ordinaire 2023* |
| | **7** | Ordinäre Budget 2024 / *budget ordinaire 2024* |
| | **8** | Évolution de l'ICC et du FDGC |
| | **9** | Évolution du service ordinaire |
| | **10** | Structure des dépenses ordinaires |
| | **11** | Répartition des charges salariales contre autres dépenses |
| | **11** | Évolution de la charge salariale de la commune |
| | **12** | Extraordinäre Budget 2023 / *Budget extraordinaire 2023* |
| | **12** | Extraordinäre Budget 2024 / *Budget extraordinaire 2024* |
| | **13** | D'Haaptprojete vum extraordinäre Budget 2024<br>*Les projets phares du budget extraordinaire 2024* |
| Déi ganz Gemeng / *Toute la commune* | **14-15** | De Reckenger Foussgängerleitsystem<br>*Signalisation pour chemins piétons de Reckange* |
| Déi ganz Gemeng / *Toute la commune* | **16** | Installatioun vun engem Héichwaasseriwwerwaachungssystem<br>*Installation d'un système de surveillance des crues* |
| Déi ganz Gemeng / *Toute la commune* | **17** | - Smartcity -<br>Installatioun vun engem System fir d'Ofliese vum Waasserstand op Distanz<br>*Installation d'un système pour lecture à distance des compteurs d'eau* |
| Piisseng / *Pissange* | **18** | Reamenagement vun der Duerfstrooss (CR172) tëschent Éileng a Piisseng<br>*Réaménagement de la Duerfstrooss (CR172) entre Éhlange et Pissange* |
| Piisseng / *Pissange* | **18** | Renaturéierung vun der Pissbaach zu Piisseng<br>*Renaturation du ruisseau Pissbaach à Pissange* |
| Piisseng / *Pissange* | **19** | Bau vun engem Reewaasserbaseng zu Piisseng<br>*Construction d'un bassin d'orage à Pissange* |
| Reckeng / *Reckange* | **19** | Bau vun engem Reewaasserbaseng zu Reckeng<br>*Construction d'un bassin d'orage à Reckange* |
| Reckeng / *Reckange* | **20** | Reamenagement vun der Rue de la Montée<br>*Réaménagement de la rue de la Montée* |
| Reckeng / *Reckange* | **21** | Anti-Iwwerschwemmungsprojeten: Rue de Limpach a Rue de Roedgen<br>*Projets anti-inondations: rue de Limpach et rue de Roedgen* |
| Lampech / *Limpach* | **22** | Nei Waasserleitungen - Waasserbaseng „Op Hoen" - Waassertuerm Reckeng<br>*Nouvelles conduites d'eau - Réservoir d'eau «Op Hoën» - Château d'eau Reckange* |
| Lampech / *Limpach* | **23** | Verkéiersberouegung zu Lampech<br>*Apaisement du trafic à Limpach* |



# Léif Matbierger aus der Gemeng Reckeng op der Mess

Wéi all Joer presentéiere mir Iech an dësem Buet eng Rëtsch Detailer iwwert de Budget vun Ärer Gemeng fir d'Joer 2024.

Dir wäert an dëser Editioun eng Rei Informatiounen iwwert d'Finanze vun der Gemeng fannen.

D'Präishaussë kréie mir natierlech och als Gemeng ze spieren, an dat ganz hefteg. Déi dräi Indextranchen, d'Augmentatioun vun de Charges patronales bei der Caisse de prévoyance an d'Bedeelegung un de Käschte vum CGDIS bedeiten eng considerabel Hausse vun eisem ordinäre Budget.

Bedéngt duerch den nationale Wuesstum klëmmt glécklecherweis eis Haaptrecette, d'Dotation de l'État, fir d'éischte Kéier an der Geschicht iwwer 10.000.000 Euro.

Wat den extraordinäre Volet vum Budget ubelaangt, ass et och der Deierecht geschëlt, dass mir momentan keng grouss Spréng maache kënnen. Selbstverständlech investéiere mir weiderhin an eis Infrastrukturen, ewéi Waasserversuergung a Kanalisatioun. Desweidere musse mir och beim Bau vun der Maison Relais eng Präishausse vu ronn 4 Millioune stemmen.

Mir bleiwen awer trotzdeem eiser Linn trei: E virsichtegen a responsabelen Ëmgang mat de Finanzen. Mir wäerten och weiderhin eng ganz Partie Projeten ëmsetzen, déi d'Liewensqualitéit vun eise Matbierger verbessere wäert. D'Sécherheet, d'Mobilitéit an d'Jugend leien eis ganz besonnesch um Häerz.

Mee mir hunn och eng Flicht vis-à-vis vun Iech, léif Matbierger. Déi Flicht, Iech e kloren, transparenten an zukunftsorientéierte Service unzebidden. An dat Dag fir Dag. Dofir wënschen ech Iech eng agreabel an informativ Lecture vun dësem Buet.

Et ass am grousse ganzen nees e Budget, dee sech um Plan pluriannuel orientéiert an dee weiderhin dofir suergt, dass mir eis finanziell Méiglechkeeten net iwwerstrapazéieren.

Ech well hei alleguer de Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot Merci soe fir hiren Input an déi gutt Zesummenaarbecht punkto Opsetze vun dësem Budget.

Och eisem Personal aus dem administrativen an technesche Beräich e grousse Merci, si sinn et déi alleguer eis Iddien ëmsetzen an dann och nach Chifferen drop setze mussen. Vill Spaass beim Entdecke vun den Detailer iwwert de Reckenger Budget fir 2024.

Carlo Muller
Buergermeeschter

# *Chers citoyens de la commune de Reckange-sur-Mess*

*Comme tous les ans, nous vous présentons dans ce bulletin tout un tas de détails sur le budget de votre commune pour l'année 2024.*

*Vous allez également y trouver plein d'informations sur les finances de la commune.*

*En tant que commune, la hausse des prix nous touche de plein fouet. Les trois tranches indiciaires, l'augmentation des charges patronales auprès de la Caisse de prévoyance et la participation aux frais du CGDIS représentent une augmentation considérable de notre budget.*

*Heureusement, grâce à la croissance nationale, notre recette principale, la dotation de l'état, augmente également et dépasse pour la toute première fois de son histoire la barre des 10.000.000 d'euros.*

*En ce qui concerne le volet du budget extraordinaire, la hausse générale des prix limite considérablement notre marge de manœuvre. Il va de soi que nous continuerons à investir dans nos infrastructures, telles que notre approvisionnement en eau et notre canalisation. Dans le cadre de la construction de la Maison Relais, nous devons faire face à une hausse de prix de 4 millions d'euros.*

*Nous resterons fidèles à nous-même et nous traiterons nos finances de manière responsable et prudente. Nous allons continuer à investir dans des projets visant à améliorer la qualité de vie de nos citoyens. Et cela jour pour jour. La sécurité, la mobilité et la jeunesse nous tiennent tout particulièrement à cœur.*

*Mais nous avons également un devoir par rapport à vous, chers citoyens. Ce devoir de nous proposer un service clair et transparent, résolument tourné vers l'avenir. C'est pourquoi je vous souhaite une agréable et enrichissante lecture de bulletin.*

*Dans les grandes lignes, ce budget s'oriente selon le plan pluriannuel et permettra d'éviter une mise à l'épreuve de nos finances.*

*Merci aussi à notre personnel administratif et technique. C'est à eux qu'incombe la lourde tâche de concentrer et de chiffrer nos idées.*

*Je vous souhaite beaucoup de plaisir à découvrir le budget reckangeois de l'année 2024.*

Carlo Muller
Bourgmestre

D'Previsioune vun den Zuele fir de Budget rectifié 2023 respektiv Budget 2024 konnte mir aus der Circulaire budgétaire vum 26. Oktober 2023 enthuelen.

Bedéngt duerch Legislativwale vum 8. Oktober 2023, respektiv duerch déi verschidden nei Prozeduren, déi en Place musse gesat ginn, huet déi nei Chamber sech zu däsem Zäitpunkt nach net kënne mam Budget 2024 befaassen. Et ass also esou dass de Budget vum Stat respektiv d'Dépensen fir déi éischt 4 Meint vum Joer 2024 gedeckt gi mat den „Douzièmes provisoires", enger technescher Reconduktioun vun de gestëmmten Zuele vum Budget 2023. Dëst erlaabt dem Stat weider ze funktionnéiere bis d'Approbatioun vum Budget 2024 vun der neier Chamber gestëmmt ass.

Obwuel déi Haaptrecettë weider klammen, ginn d'Gemengen weiderhin opgeruff eng virsichteg Finanzpolitik ze plangen.

*Les prévisions des chiffres pour le budget rectifié 2023, respectivement pour le budget 2024 ont pu être prélevées de la circulaire budgétaire du 26 octobre 2023.*

*En raison des élections législatives du 8 octobre 2023, mais aussi en raison de la mise en place des différentes procédures, la nouvelle Chambre des Députés n'a pas encore eu l'occasion de se pencher sur le budget 2024. C'est pour cela que le budget de l'État, respectivement les dépenses des 4 premiers mois de l'année 2024 sont couverts par les "douzièmes provisoires", une reconduction technique des chiffres approuvés lors du budget 2023. Ceci permet à l'État de poursuivre son fonctionnement jusqu'à l'approbation du budget 2024 par la nouvelle Chambre.*

*Malgré la hausse des recettes principales, les communes sont toujours appelées à prévoir une politique financière prudente.*

## Budget ordinaire 2023

| | Budget initial 2023 | Budget rectifié 2023 |
|---|---|---|
| **Total des recettes ordinaires** | 11.240.276,48.- € | 12.057.966,86.- € |
| **Total des dépenses ordinaires** | 9.288.355,00.- € | 9.133.970,00.- € |
| **Excédent propre à l'exercice 2022** | 1.951.921,48.- € | 2.923.996,86.- € |
| **Excédent compte 2022** | 5.579.244,67.- € | 9.603.157,59.- € |
| **Excédent total** | 7.531.166,15.- € | 12.527.154,45.- € |
| **Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire** | 7.250.210,00.- € | 6.558.680,00.- € |
| **Excédent présumé fin 2023** | 280.956,15.- € | 5.974.474,45.- € |

Dës Tabell spigelt zeréck wat am ordinäre Budget initial virgesi gouf respektiv wat am Budget rectifié fir den Exercice 2023 agesat ginn ass. Mir gesinn dass d'Previsioune quasi d'selwecht si wéi dat, wat am initiale Budget virgesinn ass. D'Differenz vun 820.000.- € erklären sech doduerch, dass den FDGC e Plus vu 7,8% par Rapport zum Compte 2022 virweise kann, also eng Zousazrecette vun 800.000.- € fir d'Gemeng.

Bei den Dépenses ordinaires gesi mir dass d'Schätzunge vum initiale Budget no ënne revidéiert goufen ëm ca. 155.000.- €. Dëse Betrag setzt sech haaptsächlech aus klengen, niewesächlechen Upassungen zesummen.

Wann een awer den Total général vun de Codes fonctionnels analyséiert stellt sech eraus, dass d'Estimatiounen, déi fir dat lafend Joer virgesi waren net wäit auserneee leien.

Drënner hu mir dann den Excédent total, wou mir eng Estimatioun vu 5.000.000.- € méi wéi virgesinn am Budget rectifié, wat sech natierlech doduerch erklärt dass mir Ugangs 2023 en Emprunt vu 6.000.000.- € gezunn hunn an dës Zomm momentan bei eis am Crédit steet.

*Ce tableau reflète les prévisions du budget ordinaire initial respectivement rectifié lors de l'exercice 2023. Nous remarquons que les prévisions sont quasi identiques à celles prévues dans le budget initial. La différence de 820.000.- € s'explique par le fait que le FDGC indique un plus de 7,8% par rapport au compte 2022, soit une recette supplémentaire de 800.000.- € pour la commune.*

*Les dépenses ordinaires montrent que les estimations du budget initial ont été revues à la baisse, d'environ 155.000.- €. En cause sont différentes petites adaptations de second plan, difficiles à détailler.*

*Cependant, si l'on analyse le total général des codes fonctionnels, nous remarquons qu'il n'y a pas de grandes différences avec les estimations prévues pour l'année en cours.*

*Au niveau de l'excédent total, nous remarquons qu'une estimation d'environ 5.000.000.- € de plus avait été prévue dans le budget rectifié. Ceci s'explique évidemment par l'emprunt de 6.000.000.- € réalisé début 2023 dont la somme figure actuellement dans notre crédit.*

# Budget ordinaire 2024

| | Budget 2024 |
|---|---|
| **Total des recettes ordinaires** | 12.303.928,46.- € |
| **Total des dépenses ordinaires** | 10.575.750,00.- € |
| **Excédent propre à l'exercice 2023** | 1.728.178,46.- € |
| **Excédent présumé exercice 2022** | 5.968.474,45.- € |
| **Excédent total** | 7.696.652,91.- € |
| **Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire** | 7.328.796,47.- € |
| **Excédent présumé fin 2023** | 367.856,44.- € |

Bei dëser Tabell handelt et sech ëm d'Previsioune fir de Budget ordinaire 2024. Mir stelle fest dass d'Previsioune fir 2024 optimistesch sinn: en FDGC klëmmt ëm ca. 200.000.- €. Dëst erkläert sech och erëm duerch d'Previsioune vun der Circulaire budgétaire:

- FDGC: +15,1% par Rapport zum Compte 2022, also ca. 200.000.- € méi wéi am Budget rectifié 2023. Wann een dëst mat dem Compte vun 2022 vergläicht, da stellt ee fest dass souwuel 2023 wéi 2024 d'Marque vun den 10.000.000.- € iwwerholl hunn. D'Differenz tëschent dem Compte 2022 an de Prévisiounen 2024 ass e Surplus fir d'Gemeng vun ca. 1.400.000.- € wat den FDGC betrëfft.

Mir stelle fest dass bei den Dépenses ordinaires zousätzlech Ausgabe vun 1.442.000.- € par Rapport zum Budget rectifié 2023 stinn. Wann een de Budget am Détail analyseiert, da stellt ee fest dass et de Gemengen ähnlech ergeet wéi de Leit doheem: Produiten a Servicer si méi deier ginn, bedéngt duerch déi dräi Indextranchë vun 2023. Bei de Frais courants kann een och eng Augmentatioun vu 5-10% feststellen. Och sinn 2024 d'Charges patronales bei der Caisse de prévoyance vun de Gemengebeamten vun 20,30% op 28,01% gehuewe ginn an de Bäitrag un de CGDIS klëmmt ëm 24% par rapport zu 2022. A Prozenter ausgerechent ass et eng Augmentatioun vun 8,64% par rapport zum Budget rectifié 2023. Dohir, a well d'Gemeng iwwerwaache muss, dass d'Dépenses ordinaires d'Recettes ordinaires net iwwerhuelen, musse mir an Zukunft méi virsichteg mat eisen Investitioune sinn.

Doduerch entsteet en Excédent vum Exercice 2023 vun ca. 1.728.178,46.- €. Wann een deen zesummenhält mam Excédent vum Compte 2022, kënnt een op en Total vun 7.696.652,91.- €. Rechne mir dësen Excédent vum Transfert ordinaire – extraordinaire of, dann hu mir e Boni vun ca. 368.000.- €.


*Ce tableau reflète les prévisions pour le budget ordinaire de l'année 2024. Nous constatons que les prévisions pour l'année 2024 sont toujours optimistes: le FDGC augmente d'environ 200.000.- €. Ceci s'explique par les prévisions de la circulaire budgétaire:*

- *FDGC: +15,1% par rapport au compte 2022, soit environ 200.000.- € de plus par rapport au budget rectifié 2023. En comparant cela avec les comptes de 2022, nous constatons qu'en 2023 et en 2024, la marque des 10.000.000.- € a été dépassée. La différence entre le compte 2022 et les prévisions 2024 est un surplus pour la commune de 1.400.000.- € concernant le FDGC.*

*Pour les dépenses ordinaires, nous comptons 1.442.000.- € de dépenses supplémentaires par rapport au budget rectifié 2023. En analysent le budget de façon détaillée, nous constatons que les communes subissent la même situation que les citoyens à la maison: Le prix des produits et des services ne cesse d'augmenter en raison des trois tranches indiciaires de 2023. Au niveau des frais courants, nous notons une augmentation de 5 à 10%. En 2024, les charges patronales de la Caisse de prévoyance des fonctionnaires et employés communaux augmentent de 20,30 à 28,01% et la contribution communale au profit du CGDIS augmente de 24% par rapport au budget rectifié 2023. Pour ces raisons, et comme la commune doit veiller à ce que les dépenses ordinaires ne dépassent pas les recettes ordinaires, nous devrons investir prudemment.*

*Il s'ensuit un excédent de l'exercice 2023 d'environ 1.728.178,46.- €. En le rajoutant à l'excédent du compte 2022, nous obtenons un total d'environ 7.696.652,91.- €. En soustrayant cet excédent du transfert ordinaire – extraordinaire, il nous reste un boni d'environ 368.000.- €.*


## Evolution impôt commercial (ICC)




Dës éischt Grafik weist d'Entwécklung vum Gemengesteiersaz zënter der Gemengefinanzreform. Et ass evident dass den ICC zënter der Gemengefinanzreform vun 2017 net méi zu den Haaptrecettë vun eiser Gemeng zielt. Hei gesi mir dass dësen zënter 2021 ëm iwwer 50% erofgaangen ass fir sech bei ca. 100.000.- € anzependelen.

*Cette première infographie montre le taux d'impôt communal depuis la réforme des finances communales. Il est évident que l'ICC ne figure plus parmi les recettes principales des communes depuis la réforme des finances communales de 2017. Nous voyons que celui-ci a chuté de plus de 50% depuis 2021, pour s'équilibrer autour de 100.000.- € environ.*


## Fonds de dotation globale des communes (FDGC)




Dës Grafik weist d'Entwécklung vun der Haaptrecette vun de Gemengen, de „Fonds de dotation globale des communes" (de fréieren „FCDF"). Am Géigesaz zum ICC weist d'Tendenz vum FDGC just no uewen. Ausser 2020, wou mir e Minus vu 4,8 % haten, ass dës Recette konstant geklomme fir dass mir elo am Budget rectifié 2023 souwéi am Budget 2024 d'Marque vun 10.000.000.- € iwwerschreiden. Dës Dotatioun ass och bedéngt duerch de Wuesstem an eisem Land. Trotz dëse gudde Prognosen ass fir d'Zukunft Virsiicht gebueden an den Investissementer.

*Cette infographie illustre l'évolution de la recette principale des communes, le «fonds de dotation globale des communes» (anciennement «FCDF»). Contrairement à l'ICC, cette tendance ne cesse d'augmenter. Mise à part l'année 2020, où nous enregistrions une perte de 4,8%, cette recette a constamment augmenté pour dépasser la marque des 10.000.000.- € au budget rectifié 2023 et au budget 2024. Cette dotation est également due à la croissance dans notre pays. Malgré ces bonnes prévisions, nous continuons à investir, mais avec précaution.*

# Evolution service ordinaire




Dës Grafik weist d'Entwécklung vun eisem ordinäre Budget iwwert déi lescht 7 Joer. Mir kënne feststellen dass d'Recetten zënter 2017 ëmmer nëmme geklomme sinn (ausser 2020) fir 2024 op Rekordniveau ze leien. Op der anerer Säit sinn eis Depensen och permanent um Klammen. De Boni vum Exercice 2024 ass dëst Joer och net méi sou héisch, bedéngt duerch déi grouss Investissementer a lafend Projeten.

Remarque: De Compte 2022 weist e grousse Boni un, deen ass bedéngt duerch den Emprunt, deen d'Gemeng Enn 2022 gestëmmt huet.

*Cette infographie montre l'évolution de notre budget ordinaire durant les 7 dernières années. Mise à part l'année 2020, nous constatons d'un côté que les recettes ne cessent d'augmenter depuis 2017 pour atteindre un niveau record en 2024. De l'autre côté, les dépenses augmentent constamment elles aussi. Cette année, le boni de l'exercice 2024 n'est plus aussi élevé, dû aux investissements importantes et aux projets courants.*

*Remarque: Le compte 2022 indique un boni important dû à l'emprunt que la commune a voté à la fin de l'exercice 2022.*

Administration communale
de Reckange-sur-Mess

# AVIS

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal de Reckange-sur-Mess, en sa séance du 2 novembre 2023, a **approuvé deux modifications du règlement de la circulation**, décisions approuvées par Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux Publics le 7 décembre 2023 réf. cce/rc/avis/23/5330 et par Monsieur le Ministre des Affaires intérieures le 11 décembre 2023, référence 322/23/CR.

Le texte de ces délibérations est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Reckange-sur-Mess, le 24 janvier 2024.

Le collège des bourgmestre et échevins

**Carlo Muller, bourgmestre**
**Christian Tolksdorf, échevin**
**Marc Ludwig, échevin**

Administration communale
de Reckange-sur-Mess

# AVIS

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal de Reckange-sur-Mess, en sa séance du 14 décembre 2023, a **approuvé une modification du règlement de la circulation**, décision approuvée par Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux Publics le 22 décembre 2023 réf. cce/rc/avis/23/5399 et par Monsieur le Ministre des Affaires intérieures le 27 décembre 2023, référence 322/23/CR.


Le texte de ces délibérations est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Reckange-sur-Mess, le 24 janvier 2024.


Le collège des bourgmestre et échevins

**Carlo Muller, bourgmestre**
**Christian Tolksdorf, échevin**
**Marc Ludwig, échevin**

## Structures des dépenses ordinaires budget rectifié 2023




## Structures des dépenses ordinaires budget 2024




Dës Grafike stellen iech déi verschidde Rubricke vun den ordinären Depensë vir (code fonctionnel):

- **1. Services généraux des administrations publiques:** D'politesch Organer (Indemnitéit vum Schäfferot, Gemengerot, Walen, Kommissiounen), d'Coordination administrative, d'Coordination technique, d'Coordination des relations publiques, ressources non-affectées, opérations concernant les flux financiers. Dës maachen am Ganze **35,70%** vun den Dépenses ordinaires aus.
- **2. Protection sociale:** 3e Âge, Maison Relais, Maison des Jeunes, Précarité sociale **(9,42%)**.
- **3. Ordre et sécurité publics:** Do handelt et sech ëm de ganze Service secours **(1,58%)**.
- **4. Affaires économiques:** Agrikultur, Sylvikultur a Vitikultur, Tourismus, Transport **(3,97%)**.
- **5. Protection de l'environnement:** Offallgestioun, Ofwaassergestioun, Energiespuermoossnamen an Naturschutz **(15,60%)**.
- **6. Logements et équipements collectifs:** Places publiques, Voirie vicinale, Cimetières, Hygiène publique, Alimentation en Eau, Eclairage public an Autres logements et équipements collectifs **(13,45%)**.
- **7. Santé:** Dës Rubrik ass op **0,01%** (Défibrillateurs).
- **8. Loisirs, culture et culte:** Sportshalen, Sportsveräiner, aner Sportaarten, Kulturzenter a Festsäll, Conservatoires, Musekscoursen a Museksschoulen, aner kulturell Servicer, Cultes, Fêtes publiques an Autres loisirs, culture et culte **(8,38%)**.
- **9. Enseignement:** Enseignement fondamental, Encadrement périscolaire a Services annexes à l'enseignement **(9,42%)**.


Wa mir dat mam Budget rectifié 2023 vergläichen, kënne mir feststellen, dass et keng grouss Variatioune par Rapport zum Budget 2024 ginn.

*Cette infographie décline les différentes rubriques des dépenses ordinaires, selon le code fonctionnel:*

- ***1. Services généraux des administrations publiques:*** *Les organes politiques (indemnités du collège échevinal, conseil communal, élections, commissions), coordination administrative, coordination technique, coordination des relations publiques, ressources non-affectées, opérations concernant les flux financiers. Ces services constituent* ***35,70%*** *des dépenses ordinaires.*
- ***2. Protection sociale:*** *3e Âge, maison relais, maison des jeunes, précarité sociale* ***(9,42%)****.*
- ***3. Ordre et sécurité publics:*** *Il s'agit ici de la totalité du service secours* ***(1,58%)****.*
- ***4. Affaires économiques:*** *agriculture, sylviculture et viticulture, tourisme, transports routiers* ***(3,97%)****.*
- ***5. Protection de l'environnement:*** *Gestion des déchets, gestion des eaux usées, mesures d'économie d'énergie et protection de la nature* ***(15,60%)****.*
- ***6. Logements et équipements collectifs:*** *Places publiques, voirie vicinale, cimetières, hygiène publique, alimentation en eau, éclairage public et autres logements et équipements collectifs* ***(13,45%)****.*
- ***7. Santé:*** *Cette rubrique est à* ***0,01%*** *(Défibrillateurs).*
- ***8. Loisirs, culture et culte:*** *Halls Sportifs, associations sportives, autres sports, centres culturels et salles de fêtes, conservatoires, cours de musique et écoles de musique, autres services culturels, cultes, fêtes publiques et autres loisirs, culture et culte* ***(8,38%)****.*
- ***9. Enseignement:*** *Enseignement fondamental, encadrement périscolaire et services annexes à l'enseignement* ***(9,42%).***

*En comparant ces chiffres au budget rectifié 2023, nous constatons qu'il n'y a que peu de variations par rapport au budget 2024.*

## Répartition charges salariales contre autres dépenses




Dës Grafik vergläicht d'Personalkäschte mat dem Volet „Autres dépenses" aus dem Budget ordinaire. Aus follgende Grënn sinn dës Zuelen iwwert déi lescht Jore relativ konstant an d'Luucht gaangen, géigeniwwer den Dépenses ordinaires:

- Neie Kollektivvertrag dee fir d'Aarbechter eng Prime unique vun 1% vum Joresgehalt virgesäit fir 2022, 2023 an 2024
- Eropsetze vu verschiddene Karriären
- Nei Grille de Salaire
- Progressiv Erhéijung vun der Prime de Permanence
- Dräi Indextranchë fir 2023 a viraussiichtlech eng fir 2024

Des Depensë wuesse staark an de leschte Joren. An dëser Hisiicht ass Virsiicht bei all Neiastellung gebueden.


*Cette infographie compare les charges salariales au volet «autres dépenses» du budget ordinaire. Par rapport aux dépenses ordinaires, ces chiffres ont constamment augmenté durant les dernières années pour les raisons suivantes:*

- *Nouvelle convention collective pour les ouvriers, qui prévoit une prime unique d'1% du salaire annuel pour les années 2022, 2023 et 2024*
- *Revalorisation de certaines carrières*
- *Nouvelle grille de salaire*
- *Augmentation progressive de la prime de permanence*
- *Trois tranches indiciaires prévues en 2023 et en principe une en 2024*

*Ces dépenses augmentent de façon importante durant les dernières années. La prudence est de rigueur pour toute nouvelle embauche.*

*

## Evolution de la charge salariale de la commune



# Budget extraordinaire 2023

| | Budget initial 2023 | Budget rectifié 2023 |
|---|---|---|
| **Total des recettes extraordinaires** | 10.225.520,00.- € | 7.767.120,00.- € |
| **Total des dépenses extraordinaires** | 17.475.730,00.- € | 14.319.800,00.- € |
| **Mali propre à l'exercice 2023** | -7.250.210,00.- € | -6.552.680,00.- € |
| **Boni/Mali compte 2022** | 0.- € | 0.- € |
| **Mali total** | -7.250.210,00.- € | -6.552.680,00.- € |
| **Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire** | 7.250.210,00.- € | 6.552.680,00.- € |
| **Boni/Mali présumé fin 2023** | 0.- € | 0.- € |

Dës Tabell beschäftegt sech mat den extraordinäre Recettë vum Budget 2023. Mir gesinn dass d'Previsioune no ënne revidéiert goufen. Dëst ass bedéngt duerch déi Subsiden, déi virgesi ware mee nach net liquidéiert goufen, also Projeten déi och nach net ofgeschloss goufen an wou keen Décompte konnt gemaach ginn.

Wa mir dann d'Dépenses extraordinaires kucken, gesi mir och do dass Montante vum Initialen op de Rectifié no ënne revidéiert goufen, well Projete bedéngt duerch d'Baukris net esou schnell virukommen. Trotzdem erkennt een dass vill Projeten um Lafe sinn an dass och vill investéiert gëtt.

*Ce tableau concerne les recettes extraordinaires du budget 2023. Nous notons que les prévisions ont été revues à la baisse. Ceci est dû à certains subsides, prévus mais non-liquidés, donc des projets qui n'ont pas pu être achevés et des décomptes qui n'ont pas pu être calculés.*

*En portant le regard sur les dépenses extraordinaires, nous notons que les montants ont été revus à la baisse du budget initial au budget rectifié, car de nombreux projets subissent des ralentissements dû à la crise qui touche le secteur de la construction. Mais malgré tout, de nombreux projets sont en cours d'exécution et les investissements sont importants.*

# Budget extraordinaire 2024

| | Budget 2024 |
|---|---|
| **Total des recettes extraordinaires** | 11.129.753,53.- € |
| **Total des dépenses extraordinaires** | 18.458.550,00.- € |
| **Mali propre à l'exercice 2024** | -7.328.796,47.- € |
| **Boni/Mali présumé exercice 2023** | 0.- € |
| **Mali total** | -7.328.796,47.- € |
| **Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire** | 7.328.796,47.- € |
| **Boni/Mali présumé fin 2024** | 0.- € |

Zum Schluss werfe mir e Bléck op de Budget extraordinaire 2024. Et fält direkt op dass d'extraordinär Recettë erëm méi héisch chiffréiert sinn. Dëst ass doduerch bedéngt, dass de Subsid vun der neier Maison Relais eréischt 2024 vum Bildungsministère liquidéiert gëtt an dass d'Gemeng bei engem gréissere Projeten alles virfinanzéiert (Réckhaltebaseng zu Reckeng), fir herno en Deel vun der Dippecher Gemeng an der AGE rembourséiert ze kréien. Och bei den Dépenses extraordinaires leie mir op engem Rekordniveau.

Mir loossen iech eng Selektioun vun dëse Projeten op den nächste Säiten entdecken.

*Finalement, jetons un coup d'œil sur le budget extraordinaire 2024. Nous remarquons que les recettes extraordinaires sont de nouveau relativement hautes. Ceci s'explique par le fait que le subside pour la nouvelle Maison Relais ne sera que liquidé en 2024 par le Ministère de l'Education et qu'un grand projet a été complètement pré-financé par la commune (bassin de rétention d'eau à Reckange), et qui sera en partie remboursé par la commune de Dippach et l'AGE. Nous atteignons un seuil record au niveau des dépenses.*

*Découvrez une sélection de ces projets sur les pages suivantes.*

# D'Haaptprojete
# vum extraordinäre Budget 2024

# *Les projets phares*
# *du budget extraordinaire 2024*

Op den nächste Säite fannt dir eng Selektioun u Projeten.

*Vous trouverez sur les pages suivantes une sélection de projets.*

KlimaPakt
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima

# De Reckenger Foussgängerleitsystem
## *Signalisation pour chemins piétons de Reckange*

Thema: Mobilitéit / *Domaine: mobilité*
















Stréckt Är Schung!

Op sengem Territoire huet d'Gemeng e Foussgängerleitsystem installéiert. E besteet aus klenge Schëlder, déi de Wee an d'Tréppelzäit uweisen an Totemen, där grousser vertikaler Stelen.

Sou sinn d'Chancë manner grouss dass d'Foussgänger an d'Wanderer sech verlafen oder dass si d'Verbindung têschent 2 Circuite verpassen. Nieft de „Points of Interest (POI)" (Spillplazen, Restauranten asw.) weise mir Iech esouguer de Wee fir eisen Territoire ze verloosse Richtung Nopeschgemengen.

De Service Technique bei der Kontroll an der Fabrik an der Schwäiz. /
*Notre service technique lors du contrôle à l'usine en Suisse.*






## Info Chantier

Käschten / *Coût*
**157.000.- €**
Unzuel u Schëlder / *Nombre de panneaux*
**112**
Viraussiichtlech Aweiung / *Inauguration prévisionnelle*
**Printemps 24**

## LÉGENDE

**Circuits**

| | |
|---|---|
| 8,00km | Circuit A |
| 4,60km | Circuit B |
| 5,80km | Circuit C |
| 2,70km | Circuit D |
| 2,30km | Circuit E |
| 5,00km | Circuit F |
| 10,00km | Circuit G |
| 4,50km | Circuit H |
| 5,30km | Circuit I |
| 3,00km | Circuit J |
| | Felten's Pol säi Léierpad |

*Lacez vos chaussures!*

*Sur son territoire, la commune a mis en place une signalisation directionnelle pour piétons sur tout le territoire de la commune. Elle se compose de panneaux indicateurs de direction et de temps de parcours et de totems, les grandes stèles verticales.*

*À l'avenir, cela évitera à nos piétons et randonneurs de se perdre en route ou de rater une connexion entre deux circuits. À côté des points d'intérêt de chaque localité (Aires de jeux, restauration et autres), nous vous indiquons même le chemin pour quitter notre territoire vers nos communes voisines!*

Déi gesamt Schëlder- a Steleproduktioun op ee Bléck. /
*Toute la production de panneaux et de totems en un coup d'oeil.*




De Gemengenatelier beim Montage vun de Schëlder. /
*L'atelier communal lors du montage des panneaux.*



# Installatioun vun engem Héichwaasseriwwerwaachungssystem

## *Installation d'un système de surveillance des crues*

Thema: Entwécklungsplanung, Raumuerdnung / *Domaine: Planification du développement territorial*

*Pilotprojet: Héichwaasserfréiwarnsystem an der Gemeng, installéiert op strategesche Plazen, an Zesummenaarbecht mam Waasserwirtschaftsamt.*

*Projet-pilote: système d'alerte précoce en cas d'inondation dans la commune, installé dans des endroits stratégiques à risques, avec le soutien de l'Administration de la Gestion de l'Eau.*

KlimaPakt | European Energy Award
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima

**De Liichttuermprojet**

***Le projet phare***

**Info Chantier**

Käschten / *Coût*

**90.000.- €**

Als Pilotprojet komplett vun der AGE finanzéiert / *Entièrement financé par l'AGE en tant que projet pilote*

Viraussiichtleche Schluss / *Fin prévisionnelle*

**Oct. 2023**



- 4 Basisstatiounen
- 6 Pegelmoossplazen
- 6 Kanalmoossplazen



Interface Reckange-sur-Mess



Pissange - Wäschbuer - 02.01.2024



Reckange - Rue de Limpach - 02.01.2024



Limpach - Hiddewee - 02.01.2024

# - Smartcity -

## Installatioun vun engem System fir d'Ofliese vum Waasserstand op Distanz

fir eng méi séier a besser Fuitenerkennung

## *Installation d'un système pour lecture à distance des compteurs d'eau*

*afin d'améliorer la détection précoce des fuites*





**Aktuelle System**

- Ofliesen op Distanz aus der Camionnette eraus
- Gesamt Ofliesdauer vun 3 bis 4 Deeg wann et zu kenge Vermëttlungsproblemer kënnt
- Eng Télélecture all dräi Méint
- Schwaacht Fuitendetektiounspotenzial

**Projezéierte System**

- Automatesch Ofliesung op Distanz
- Deeglech Vermëttlung vum Compteursstand
- Fréizäiteg Fuitenerkennung (Alarm via SMS)
- Reduzéiert Ofliesungs- a Facturatiounszäit
- Kompatibel mat den aktuelle Compteuren duerch d'Installatioun vun engem zousätzleche Module
- Keng zousätzlech Käschte par Rapport zum aktuelle System

***Système actuel***

- *Lecture à distance depuis le véhicule*
- *Durée de lecture de 3 à 4 jours s'il n'y a pas de soucis de transmission*
- *Une télé-lecture tous les 3 mois*
- *Faible potentiel de détection de fuite*

***Système projeté***

- *Lecture à distance automatique*
- *Transmission journalière du relevé de compteur*
- *Détection précoce des fuites (alarmes par SMS)*
- *Temps de lecture / facturation réduit*
- *Compatible avec les compteurs actuels avec le simple ajout d'un module*
- *Pas de frais supplémentaires par rapport au système actuel*



## Reamenagement vun der Duerfstrooss (CR172) tëschent Éileng a Piisseng

## *Réaménagement de la Duerfstrooss (CR172) entre Éhlange et Pissange*

Zu Piisseng sinn an noer Zukunft verschidde Chantiere virgesinn:

- Reamenagement vun der Bréck beim Wäschbuer (Projet P&Ch)
- Bau vun engem Waasserréckhaltebecken
- Reamenagement vun der Duerfstrooss a sengen ënnerierdeschen Infrastrukturen
- Renaturéierung vun der Pissbaach

De Projet Duerfstrooss ass momentan an der Phase d'étude a wäert warscheinlech nom Neibau vun der Bréck stattfannen.

*Plusieurs chantiers sont prévus à Pissange dans les prochain temps :*

- *Réaménagement du Pont près du lavoir (projet P&Ch)*
- *Construction d'un bassin de rétention d'eau*
- *Réaménagement de la Duerfstrooss et de ses infrastructures souterraines*
- *Renaturation de la Pissbaach*

*Le projet Duerfstrooss est actuellement en phase d'étude et sera probablement réalisé après la reconstruction du pont de Pissange.*



D'Duerfstrooss vun Éileng Richtung Piisseng.
*La Duerfstrooss d'Éhlange en direction de Pissange.*



Hei kënnt den zukünftege Réckhaltebecken hin.
*L'emplacement du futur bassin du retention d'eau.*

## Renaturéierung vun der Pissbaach zu Piisseng

## *Renaturation du ruisseau Pissbaach à Pissange*



D'Pissbaach, déi duerch eng Gréngzon fléisst, gëtt op enger Längt vun 145 Meter renaturéiert. Dësen Amenagement wäert d'Wunnenge besser virun Iwwerschwemmunge schützen, andeems d'Bett vun der Baach verluecht a méi grouss gemaach gëtt. Laanscht de Waasserlaf wäert och en Tréppelwee amenagéiert ginn. Beim Wäschbuer gëtt d'Bréck an Zesummenaarbecht mat de Ponts & Chaussées erneiert.

*Le ruisseau Pissbaach, situé dans une zone verte, sera renaturé sur une longueur de 145 mètres. Cet aménagement permettra de protéger les maisons contre les inondations en déplaçant et en agrandissant son lit. Un sentier pédestre sera également prévu le long du cours. Le pont au niveau du lavoir sera réaménagé en coopération avec les Ponts & Chaussées.*



## Bau vun engem Reewaasserbaseng zu Piisseng

## *Construction d'un bassin d'orage à Pissange*

Fir d'Gesamtqualitéit vum Handynetz um Territoire vun der Gemeng ze verbessere gëtt op dëser Plaz vun der Post eng zousätzlech Antenne vu 40 Meter Héischt gebaut. / *Pour améliorer la couverture du réseau de téléphonie mobile sur le territoire de la commune, une antenne supplémentaire de 40 mètres sera construite ici par la Post.*

No an no wäerten all eis Uertschaften hiert eegent Ofwaasserréckhaltebecken hunn. Sou kann d'Quantitéit u Waasser, dat Richtung Schëfflenger Kläranlag fléisst, am Fall vu Staarkreen besser kontrolléiert ginn. Déi nächst betraffen Uertschaft ass Piisseng. De Baseng wäert sech hannert der Bréck iwwert der Mess op dem CR172 befannen, am Ausgang vun Éileng.

*Au fur et à mesure, toutes les localités de la commune auront leur propre bassin de rétention d'eaux usées, afin de mieux réguler le débit d'eau introduites vers la station d'épuration du SIVEC, en cas de fortes pluies. Pissange est la prochaine localité concernée. Le bassin sera situé après le pont enjambant la Mess sur le CR172, à la sortie d'Éhlange.*



**Info Chantier**
Käschten / *Coûts*
**2.450.000.- €**
Volumë vum Baseng / *Volume du bassin*
**155 m³**
Viraussiichtlechen Ufank / *Début prévisionnel*
**Fin 2025**

---

## Bau vun engem Reewaasserbaseng zu Reckeng


## *Construction d'un bassin d'orage à Reckange*

**Info Chantier**
Käschten / *Coûts*
**8.600.000.- €**
opgedeelt op / partagés entre
**Reckange** 1.548.000.- € — **Dippach** 7.520.000.- €
Viraussiichtleche Schluss / *Fin prévisionnelle*
**Fin 2025**



Dësen neie Réckhaltebaseng vun 1.671m³ déngt der Sammlung vum ganzen Ofwaasser vun der Uertschaft Reckeng an der Gemeng Dippech. Am Fall vu Staarkreen gëtt d'Ofwaasser iwwert e gewëssenen Zäitraum zeréckgehal, éier et dann an den neie Kollekter Richtung Schëfflenger Kläranlag agefouert gëtt. Den Ofschloss vun dësen Aarbechte wäert et dann erméiglechen, d'Reckenger Kläranlag ausser Betrib ze setzen.

*Ce nouveau bassin de rétention de 1.671m³ est destiné à la récupération de toutes les eaux usées des localités de Reckange-sur-Mess et de la commune de Dippach. En cas de fortes pluies, les eaux usées sont retenues un certain temps avant d'être introduites dans le nouveau collecteur en direction de la station d'épuration de Schifflange. L'achèvement de ces travaux permettra la mise hors service de la station d'épuration de Reckange.*



# Reamenagement vun der Rue de la Montée
## *Réaménagement de la rue de la Montée*

**Info Chantier**

Käschten / *Coût*
**2.350.000.- €**
Viraussiichtleche Schluss / *Fin prévisionnelle*
**Fin 2024**



**Erneierung vun den ënnerierdesche Netzwierker**

- Alleguer d'Reseauen ginn erneiert: CREOS (Elektresch), Post (Glasfaser), SUDEnergie (Gas) an d'Waasserleitungen.
- Amenagement vun enger neier Waassertransportleitung tëschent dem Baseng Hoën a Lampech. (Phas 2, cf. Säit 22)
- All Wunneng huet misse vun den alen Netzwierker ofgekoppelt an un déi nei ugeschloss ginn.
- Vergréisserung vum Ofwaasserkanal fir d'Kapazitéit z'erhéijen fir dem Héichwaasserrisiko entgéintzewierken.

**Reamenagement vun der Strooss a vum Raum am Kader vun der Zone-30 fir de Verkéier ze berouegen:**

- Erneierung vun den Trottoiren.
- Erneierung vun de Stroosseluuchten op LED.
- Reamenagement vun de Grénganlagen a Chicanen.

**Phas 2:** Ab Mäerz 2024
***Phase 2:** à partir de mars 2024*

***Renouvellement des réseaux enterrés***

- *Tous les réseaux ont été remis à neuf: CREOS (Electricité), Post (Fibre), SUDEnergie (Gaz) et les conduites d'eau.*
- *Aménagement d'une nouvelle conduite de transport d'eau potable entre le bassin Hoën et Limpach (phase 2, cf. page 22)*
- *Chaque logement a dû être déconnecté de l'ancien réseau et connecté aux nouveaux.*
- *Agrandissement de la capacité du canal d'eaux usées afin de minimiser le risque de refoulement.*

***Réaménagement de l'espace rue dans le cadre de la «Zone 30» en vue d'un apaisement du trafic.***

- *Réaménagement des trottoirs.*
- *Renouvellement de l'éclairage public, remplacement par des luminaires LED.*
- *Réaménagement des espaces verts et des chicanes.*



Chicanen & Opfaart op de Plateau virum Campus.
*Chicanes & début du plateau devant le campus.*

**Spezifizitéiten a Schwieregkeete vun der Phas 1:**

- Amenagement vun engem Entschleunegungsplateau op der Héischt vum Schoulcampus.
- Installatioun vun enger neier Reewaasseraxe an d'Raccordement vum Bestand.

***Spécificités et difficultés de la phase 1:***

- *Aménagement d'un plateau de ralentisseurs au niveau du complexe scolaire.*
- *Installation d'une nouvelle canalisation d'eau pluviale et raccordement des réseaux séparatifs existants.*

**Phas 1:** bis Februar 2024
***Phase 1:** jusqu'à février 2024*





Installatioun vun den Netzwierker (lénks) an d'Strooss mam provisoresche Binder.
*Installation des réseaux (gauche) et application du binder provisoire.*

# Anti-Iwwerschwemmungsprojeten: Rue de Limpach a Rue de Roedgen zu Reckeng


KlimaPakt
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima

## *Projets anti-inondations: rue de Limpach et rue de Roedgen à Reckange*

Thema: Klimawandelupassung
*Domaine: adaptation au changement climatique*

D'Staarkreen-Etude vun der Gemeng ass vum Waasserwirtschaftsamt validéiert ginn. Elo befanne mir eis an enger méi konkreter Phas vun de Mesuren, déi technesch bewisen a geplangt musse ginn. Dës Moossname mussen op en neits vum Waasserwirtschaftsamt approuvéiert ginn éier d'Aarbechten ufänke kënnen. All dës Mesurë musse kohärent a mateneen analyséiert gi fir sécher ze stellen, dass d'Situatioun och verbessert gëtt a fir och d'Sécherheet fir d'Haiser ënnerhalb vun de Moossnamen ze garantéieren.


*L'étude hydraulique de la commune a été validé par l'AGE. Nous nous trouvons maintenant dans une phase plus concrète de mesures devant être prouvées techniquement et planifiées. Avant tous travaux, ces nouvelles mesures devront également être validées par l'AGE. Nous devrons les tester en simultanée et de façon cohérente afin de nous assurer de l'amélioration concrète de la situation et de garantir la sécurité de toutes les maisons situées en dessous des mesures.*





Virun den Aarbechten (Fiktiv Situatioun) /
*Avant les travaux (situation fictive)*




No den Aarbechten / *Après les travaux*




Bau vun enger Mauer géint Héichwaasser virun der Bréck an der Rue de Roedgen. / *Création d'un mur anti-crue en amont du pont Rue de Roedgen.*




Vergréisserung vum Duerchméisser vun der Kanalisatioun an der Rue de Roedgen. / *Augmentation du diamètre de la canalisation sous la rue de Roedgen.*




Vergréisserung vun der hydraulescher Kapazitéit vun der Bréck an der Rue de Limpach. / *Agrandissement de la capacité hydraulique du pont dans la Rue de Limpach.*

# Nei Waasserleitungen - Waasserbaseng „Op Hoen" - Waassertuerm Reckeng

## *Nouvelles conduites d'eau - Réservoir d'eau «Op Hoën» - Château d'eau Reckange*







Eng nei Waasserverdeelungsleitung wäert tëschent dem Waasserbaseng Hoën a Lampech entstoen. Dëse Projet besteet aus dräi Phasen:

**Phas 1:** Verbindung vum Baseng Hoën mam Waassertuerm Reckeng

**Phas 2:** Rue de la Montée / Kräizung Rue du Château d'eau

**Phas 3:** Rue de la Montée Richtung Waasserbaseng Lampech

Dëse Projet gëtt an Zesummenaarbecht mat der SES, déi zousätzlech eng nei Versuergungsleitung leet, an de Ponts & Chaussées, realiséiert am Kader vum neien Tracé vum PC9.

**Info Chantier**

Käschten / *Coût*

**650.000- €**

Ufank vun den Aarbechten / *Début du chantier*

**Octobre 2023**

Viraussiichtleche Schluss / *Fin prévisionnelle*

**Été 2024**


*Une nouvelle conduite de distribution reliera le réservoir d'eau Hoën à la localité de Limpach. Le projet se décline en trois phases:*

***Phase 1:*** *Liaison réservoir Hoën au château d'eau Reckange*

***Phase 2:*** *rue de la Montée / croisement rue du Château d'eau*


***Phase 3:*** *rue de la Montée vers réservoir d'eau Limpach*

*Ce projet est réalisé en collaboration avec le SES qui pose également une nouvelle conduite d'approvisionnement, et les Ponts & Chaussées, dans le cadre du nouveau tracé du PCN 9.*



# Verkéiersberouegung zu Lampech
## *Apaisement du trafic à Limpach*

Amenagement vun Zebrasträifen an der Rue du Centre (Siichtfeld) /
*Aménagement d'un passage piéton 'Rue du Centre' à Limpach (Champ de visibilité)*






**Info Chantier**

*Devis à voter*
**Printemps 2024**

Ufank vun den Aarbechten /
*Début du chantier*
**Fin 2024**


Projezéierte Situatiounsplang / *Plan de situation projeté*




Nei Zone 30 -
Infrastrukturaarbechte fir d'Verkéiersberouegung an der Rue du Centre bei der Kierch.

*Nouvelle Zone 30 -*
*Travaux d'infrastructures pour l'apaisement du trafic dans la rue du Centre à proximité de l'Église.*



Verkéiersberouegung an der Rue de Pissange (CR172) Richtung Piisseng mat Hëllef vun enger Buedemschwell.

*Apaisement du trafic dans la rue de Pissange (CR172) vers Pissange à l'aide d'un coussin berlinois.*

Administration communale
de Reckange-sur-Mess